N°2449
Entrée le 13.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.06.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„Nodeems Enn Abrëll an der Press matgedeelt gouf, datt d'Steierbüroen zu Clierf a Woltz zougemeet solle ginn, well d'Raimlechkeeten net méi adäquat wieren, gëtt lo gefaart, datt och de Steierbüro vu Réiden mëttelfristeg op Ettelbréck verluegt kéint ginn.

Glécklecherweis wäert de Büro vu Clierf dem Kanton erhale bleiwen, well d'Gemeng Parc Housen dem Staat nei Raimlechkeete fir d'Steierverwaltung ugebueden huet. Zu Woolltz konnt dogéint nach keng definitiv Léisung offiziell festgehale ginn. Dës Verwaltung soll awer – leschten Informatiounen no – der Stad Wooltz erhale bleiwen, wat jo eng begréissenswäert Entscheedung am Interesse vun der ganzer Regioun ass.

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- Bleift och de Steierbüro vu Réiden dem Kanton weiderhin erhalen?
- Wéi vill Beamte schaffen de Moment an dësem Büro?
- Ass et virgesinn fir hir Zuel mëttelfristeg opzestocken?
- Gëtt driwwer nogeduecht fir och nei Raimlechkeete fir d'Steierverwaltung am Kanton Réiden ze amenagéieren?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten